N°4126
Entrée le 18.06.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 4126 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

1. **Kënne Meedercher obligéiert ginn, fir ee Bikini unzedoen, oder geet ee klassesche Maillot duer, fir um Schwammcours dierfen deelzehuelen?**
2. **Kënnen d'Schoule Kanner dozou verflichten, fir e bestëmmte Modell vu Schwammkleeder unzedoen, notamment e Bikini oder bei Jongen, eng kuerz Schwammbox?**

Den Artikel 3 vum *Règlement grand-ducal du 7 mai 2009 concernant les règles de conduite et l'ordre intérieur communs à toutes les écoles* gesäit vir, datt d'Kleedung vun alle Membere vun der Schoulcommunautéit korrekt muss sinn an datt fir verschidde Coursen, dorënner och d'Schoulschwammen, spezifesch Kleedung virgeschriwwe ka ginn.

Am Kontext vum Schoulschwammen ass ze berücksichtegen, datt d'Bereetstelle vun den Infrastrukturen, an deenen de Schwammcours am Kader vun der Grondschoul ofgehale gëtt, laut Artikel 58 vun der *Loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental* an d'Zoustännegkeet vun de Gemenge fält. D'Participatioun um Schwammcours setzt viraus, datt dat internt Reglement vun der jeeweileger Schwämm agehale gëtt. Eng deementspriechend Reegelung vun de Schoule gëtt et net.

Wéi an der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nr. 1128 vum deemolege Sportsminister erkläert, préiwen déi responsabel Instanze reegelméisseg déi besteeënd Reegelunge vun den ëffentleche Schwämme fir sécherzestellen, datt se souwuel den hygieeneschen Ufuerderungen, wéi och de Grondsätz vun der ëffentlecher Gesondheet a Sécherheet entspriechen.

Lëtzebuerg, den 18. Juni 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH